LSAP

N° 6885
Entrée le 22.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.09.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 565/2022
23 SEPT 2022
A traiter par:
Copie à:

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. September 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Beim Tëschefall vum 19. September an der Biogasanlag zu Gonnereng si Millioune Liter Gärrescht an d'Ëmwelt gelaf. En Deel dovunner konnt dank dem séieren Handelen nees ofgepompelt ginn. De Gros vun der Gär-Flëssegkeet ass awer wéi et schéngt an d'Felder gelaf.

An deem Zesummenhang wëll ech dës Froe stellen:

- Wat ass den Impakt vun dësem Tëschefall op d'Ëmwelt?
- Wien kënnt fir den entstane Schued op?
- Huet de Bedreiwer sech un all Bestëmmunge gehalen?
- Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass et beim Bau vu Biogasanlagen genuch Sécherheetsbestëmmungen ginn?
- Wat kann präventiv ënnerholl ginn, fir esou en Tëschefall an Zukunft ze verhënneren?
- Wat fir en Impakt huet den Tëschefall op d'Düngerversuergung am Land?
- Wéi laang dauert et, bis déi Quantitéit un ausgelafenem Gärrescht nees opgefëllt ass?

Mat déiwem Respekt,

Cécile Hemmen
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6885 vun der éierwäerten Deputéierten Madamm Cécile Hemmen iwwert "Incident à l'usine de biogaz à Gonderange"**

**Wat ass den Impakt vun dësem Tëschefall op d'Ëmwelt?**

De gréissten Deel vum Digestat ass an d'Feld gelaf wou et duerch d'Opschëdde vu Buedem konnt zréck gehale ginn.

A punkto Waasser konnt verhënnert ginn, datt d'Digestat an ee Gewässer gelaf ass. D'Gebitt läit och net an enger Grondwaasserschutzzon. Et ass och näischt an de Biotop gelaf deen no bäi läit.

De méiglechen Impakt gouf och unhand vun Analyse kontrolléiert:

- D'Situatioun an de Baachen en aval vun der Biogasanlag (Deichelbaach a Roudemerbaach) gouf vun der Waasserverwaltung (AGE) iwwerwaacht. An dëse Baache goufen um Dag vum Virfall (19/09/2022), awer och wou et gereent huet (27/09/2022), an dann nach déi Woch duerno (04/10/2022) Prouwe geholl. Et konnt bis elo keen Impakt an de Baache festgestallt ginn.
- De 5. Oktober 2022 goufe vun enger agreeéierter Persoun Buedemprouwen an der Wiss vis-à-vis vun der Biogasanlag geholl, dëst am Beräich wou d'Digestat higelaf ass an am Beräich wou keen Digestat higelaf ass. D'Resultater aus deenen zwee Beräicher leien an der selwechter Gréisstenuerdnung. Et gouf also keen Impakt op de Buedem festgestallt.

**Wien kënnt fir den entstane Schued op?**

D'Käschte vun de Buedemanalyse gi vum Bedreiwer vun der Biogasanlag gedroen.

**Huet de Bedreiwer sech un all Bestëmmunge gehalen?**

De Bedreiwer huet sech beim Incident un all Bestëmmunge gehalen. Déi néideg Instanze sinn direkt informéiert ginn, sou dass déi néideg Mesure geholl konnte gi fir den Impakt sou kleng wéi méiglech ze halen.

**Ass d'Madam Ministesch der Meenung, dass et beim Bau vu Biogasanlagen genuch Sécherheetsbestëmmungen ginn?**

Eng Biogasanlag brauch verschidde Geneemegungen an deenen och Sécherheetsbestëmmunge fir de Schutz vun der Ëmwelt virgesinn sinn.

**Wat kann präventiv ënnerholl ginn, fir esou en Tëschefall an Zukunft ze verhënneren?**

De Bedreiwer muss sécherstellen, dass d'Behälter vu senger Biogasanlag konform zu de Bestëmmungen an den Autorisatiounen sinn. Ma och wann d'Bestëmmungen an d'Autorisatiounen zu 100% erfëllt sinn, kann een Accident ni ausgeschloss ginn.

**Wat fir en Impakt huet den Tëschefall op D'Düngerversuergung am Land?**

Den Tëschefall huet keen Impakt op d'Düngeversuergung am Land. Et gouf ee Wall opgeschott, wou d'Digestat sech gestaut huet an dunn zaïtno mat Güllefässer ofgepompelt an op d'Felder ausbruecht konnt ginn. Zum Moment vum Tëschefall am September war souwuel eng Ausbréngung op Akerland, wéi och op Dauergrénglаnd méiglech am Respekt vun de gesetzleche Virgaben.

**Wéi laang dauert et, bis déi Quantitéit un ausgelafenem Gärrescht nees ogefëllt ass?**

D'Dauer fir d'Quantitéit un ausgelafenem Gärrescht nees opzefëllen ass ofhängeg dovunner wéi séier de Bedreiwer de Behälter erëm a Betrib huele kann a wéi séier de Bedreiwer nei Substrater zur Verfügung huet fir a senger Anlag kënnen ze traitéieren.

Lëtzebuerg, den 25. Oktober 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung